



## De « collectif DADOFONIC »...


... ass de neien Atelier Protégé vun der Ligue HMC s.c. zu Capellen.

- An deem Atelier gëtt visuell Konscht a Bühnekonscht gemaach, woubäi den Schwéierpunkt op der duerstellender Konscht läit.
- 12 Kënschtler mat enger geeschteger Behënnerung schaffen do a gin als Ensemble sozialpädagogesch a kënschtlersch betreit.
- De « collectif Dadofonic » produzéiert Bühnewierker mat allem wat derzougehéiert. Kostümer, Kulissen a Requisiten gi selwer gemaach. Et gëtt grouse Wäert dorop geluecht dass d'Iddien fir Stécker a Projeten vun de Kënschtler zesummen entwéckelt an ausgeschafft ginn.

## Konscht ass schéin...

...mä mëcht vill Aarbecht. (Karl Valentin)

- Op Kënschtler kann eis Gesellschaft net verzichten. Si droen duerch hiert scheinbar onnëtz Ronderëmtaaschten eppes Wesentlechtes bäi. An dësem Erschafensprozess fannen d'Leit zu sech selwer. Si droe Verantwortung fir hiert an och dem Grupp säi Wierk. Hiert Kucken an hiert Verstoen gëtt gestärkt.
- Kënschtlersch Schaffen ass eng Ressource, eng Quell fir d'Liewen, a vermëttelt dem Kënschtler, an duerch hien, der ganzer Gesellschaft Liewensënn. Dëse Prozess dréit dozou bäi nei Weeër an Tendenzen ze fannen, ze formen an ze benotzen.
- De « collectif DADOFONIC » schafft mat Kënschtler aus de verschiddensten Sparten zesummen.
- Egal op et sech dobäi ëm Theaterschauspiller, Sänger oder Moler handelt: de « collectif DADOFONIC » bitt d'Geléigenheet den Hobby zum Beruff ze maachen.
- Geleet gëtt de « Collectif » vum Claude Englebert a vum Dagmar Weitze.



## collecti **DADOFONIC**

Di eenzeg Regel beim DADA: et gött keng Regeln. An och keng Ideologie. Dem Zoufall an dem Spill gött vill Raum gelooss, zum Beispill gi Wieder an Silben zerschnëppelt an nei zesum-megesat. Dodurch entsteet eng nei Lautsprouch.

Och Konschtsparten wäert de « collectif DADOFONIC » opléisen an ënnerteneen frësch mëschen . Dem Zoufall gött bewosst Plaz gemaach an mat him geschafft. Doduerch entsteet eng Entwécklung, déi aus Ënnerscheeder Virdeeler mëcht.

eise Kapp ass ronn fir datt eis Gedanken  
hir Richtung ännere kënnen  
Picabia



**Atelier de l'art visuel et de la scène**



collectif DADOFONIC  
295, rue de Luxembourg  
L- 8077 Bertrange  
Tel: ---  
Fax: 30 71 04  
GSM: ---  
mail: [claudio.engelebert@ligue-hmc.lu](mailto:claudio.engelebert@ligue-hmc.lu)



Ligue HMC coopérative s.c.  
82 rte d'Arlon  
L-8301 Capellen  
Tel: 30 92 32 1  
Fax: 30 71 04  
[www.ligue-hmc.lu](http://www.ligue-hmc.lu)

